ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 13/07/2022

Rapport vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 18 Mai 2022

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Philippe CHENNAUX (President)	Jean-Jacques BUTTEL	
Marc FRANK	Pierre ESPEN (entschëllegt)	
Claude HETTINGER	Patrick KRAEMER	
Jacques HUSS	Ambrus PORCSIN (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)		
Joske VOSMAN (Vize-President)		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung &Präsenzelëscht
2. Remarquen zum leschte Rapport
3. Debriefing Groussbotz
4. Charta, neien Ulaf
5. Divers

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

6 Memberen waren präsent. D' Kommissioun war also stëmmberechtegt.

Helperknapp, 13/07/2022

Punkt 2 : Remarquen zum leschte Rapport

Et goufen keng weider Remarken zum Rapport vum 28 Mäerz 2022.

Punkt 3 : Debriefing Groussbotz

Un der Groussbotz den 9 Abrëll an eiser Gemeng, zesummen mam Syndicat d' Initiative an der Ëmwelt Kommissioun, hunn ëm déi 50 Leit deelgeholl, woubäi d' Erwaardungen net ganz erreecht goufen. Am viregten Rapport ware mir dovun ausgaang dat 70 bis 100 Leit, Erwuessener a Kanner zesummen, géife matmaachen. Ënnert den Participanten waren 3 Gemenge Memberen.

Am Virfeld waren an all Uertschaft Flyer verdeelt ginn. Déi aner Kommissiounen an d' Veräiner sinn awer net extra ugeschriwwen ginn. Et war och proposéiert ginn fir eventuell de Schoulkanner nach een Ziedel an Aufgaben Bichelchen ze leeën, dat ass awer net erfollegt.

D' Ursaachen vun der méi gerénger Bedeelegung louchen awer haaptsächlech doran dat eenzel Leit, och vum Comité, op dem Datum Covid positiv waren, an dat grad un dem Samschdeg d' Ouschtervakanz ugefaang huet a méi Leit ewéi soss fortgefuer sinn no der laanger Pandemie Zäit.

De Jacques Huss huet nach bemierkt, dat d' Leit déi Groussbotz encadréieren a virdrun nach ni dobäi waren, besser sollten instruéiert ginn an enger Virbereedungssitzung.

Punkt 4 : Charta fir Veräiner

An der viregter Sëtzung gouf doriwwer geschwat dat d' EBL, d' Ëmweltberodung Lëtzebuerg A.S.B.L, bereet ass fir eis bäi der Erstellung vu enger méi ausféierlecher Versioun vun der Charta z' ënnerstëtzen. Sie géifen och d' Moderatioun mat den Veräiner iwwerhuelen. De Philippe hat eis am Virfeld **Charta vun der Gemeng Schëtter** geschéckt, déi zesummen mat der EBL erstallt gouf an vill méi Elementer opweist wéi eisen Entworf. An der Kommissioun si mir eis eens vir och an déi Richtung ze goen an zesummen mat der EBL, wa méiglech, eng änlech Charta auszeschaffen.

Ausserdeem waren am Gespréich, d' Iwwerreechen vun Diplomer an erweidert Subsiden fir d' Veräiner déi matmaachen, eventuell gekoppelt un sporadesch Auditen z.B. op enger järlecher Basis

D' Kontakt Persounen bei der EBL sinn d' Marianne Kollmesch an de Michel Wilwert.

D' EBL selwer ass 1992 gegrënnt ginn als onofhängeg a neutral Ëmweltberodungsorganisatioun fir Gemengen, Associatiounen, ëffentlech a privat Institutiounen an Entreprisen, an zielt momentan 76 Abonnente-Gemengen. Eis Gemeng ass nach net vertrueden.

Dofir ënnerstëtzt d' Ëmwelt Kommissioun unanime de Bäitrëtt vun eiser Gemeng.

Punkt 5 : Divers

Gemengen Plazen a Gréngflächen:

De Marc Frank huet dorops higewisen dat an den Greischer Strooss eng ëffentlech Plaz séit 4 Joer an engem schlechten Zoustand ass. Och stinn z.B. um Terrain nieft sengem Haus vill Brennnesselen déi net ewechgemaach ginn.

Insgesamt waren Kommissioun's Memberen der Meenung dat Gréngflächen vun der Gemeng missten verschéinert ginn.

An dem Zesummenhang huet de Marc Frank als Sekretär vum **Téintener Syndicat d' Initiative** erwäänt dat dësen nach aus 5 Memberen besteet, woubäi der nach just 3 aktiv sinn aus Altersgrënn. Zu hiren Aktivitéiten déi lescht Joer zielen ënner anerem d' opstellen vun 33 Bänken, 4 Picknicks Dëscher an 5 Poubellen am Bausseberäich . Fir d' Chrëschtdeeg hunn Sie och Beemercher opgeriicht.

Den Ënnerhalt vun de Bänken, den Dëscher an och vun den Opstellplazen gëtt och vum Syndicat assuréiert. Well d' Aarbecht vum Syndicat aus villen aneren Aufgaben besteet, wieren Sie frou fir nei Memberen kënnen ze begréissen mat eventuell erweiderten Strukturen.

Op d' Fro hin, wéi et dann mam **Syndicat vu Béiwen** ausgesäit konnt an der Sëtzung keen eng Äntwert ginn. **Mir informéieren eis fir d' nächst Kéier.** Am Zesummenhang, domat gouf vum Carlo Koepp den Interessanten **Léierpad tëschent Openthalt an dem Fënsterdall** mentionéiert, deen an engem ganz schlechten Zoustand ass.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 13/07/2022

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass den 5 Juli um 19h00 am Gemengerotssall.

Héi eenzel Punkten fir eng Dagesuerdnung:

- Feedback iwwert d' Resultat vum Klimapakt 2.0 Audit
- Subsiden upassen un de Klimabonus (voir www.Klimagence.lu)
- Reparatur-Atelieren am Verbond mat der Kreeslaf Wirtschaft
- Liewensqualitéit an der Gemeng a Verkéiersberouegungs-Moossnamen

Unhang:

Néant

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.